



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Digitalisatioun & Bildung weiderzeleeden.

D'Regierung hat op d'parlamentaresch Fro n° 2246 iwwert d'Benotze vu Messengerdénsgchter an den ëffentleche Verwaltunge geäntwert, datt sinn de Beamten net recommandéiert Messenger-Dénsgchter, wéi Facebook oder Whatsapp, fir de professionelle Gebrauch ze benotzen a ríft zur Zréckhalung op, fir online Uwendungen vu kommerziellen Ubidders ze benotzen a réit léiwer op d'Léisungen zeréckzegräifen, déi vum CTIE ugebuede ginn.

Elo ass et awer esou, datt a ville Verwaltungen trotzdeem vun deene kommerzielle Léisunge Gebrauch gemaach ginn. A ville Schoule benotzen Enseignantent zum Beispill Whatsapp, fir mat hire Kollegen, de Schüler an den Elteren ze kommunizéieren. Evidenterweis muss een sech bewusst sinn, datt dës Messengerdénsgchter d'Donnéeë vun dese Persoune sammeln an auswäerten.

Et existéieren eng Panoplie vu Rapporten, déi op d'Risiko vum Gebrauch vu kommerzielle Plattformen an Uwendungen opmierksam maachen. Esou zum Beispill am Rapport "Les géants de la surveillance" vun Amnesty International aus dem Joer 2019, wou déi systemesch Käschte vun de grouse kommerzielle Plattformen an Uwendungen genannt ginn. Déi dominant Positioun vu verschiddenen Entreprises, wéi Google oder Facebook, féieren nom Rapport zu engem déiwen Agrëff an d'Privatsphär a bedroe mëttelfristeg eis fräiheetlech Wäerter, dorënner d'Meenungsfräiheet oder d'Recht op Net-Diskriminéierung.

An deem Abléck ass et sécherlech sënnavoll, datt virun allem an de Schoule - ma net nëmme - d'Persoune op d'Risiko vun der Benotzung vun esou Applikatiounen opmierksam gemaach ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Sensibiliséierungsmoosname goufen an deene leschten 3 Joren an de Schoulen duerchgefouert, fir d'Schüler iwwert d'Risiko vum Gebrauch vu Plattformen an




www.piraten.lu

Uwendungen, wéi Whatsapp, Facebook oder Google, opzeklären?

2. Wéi eng Sensibiliséierungsmaossname goufen an deene leschten 3 Jore fir Erwuessener duerchgefouert, fir si iwwert d'Risiko vum Gebrauch vu Plattformen an Uwendungen, wéi Whatsapp, Facebook oder Google, opzeklären?
3. Wéi eng Sensibiliséierungsmaossname goufen an deene leschten 3 Jore fir d'Educateuren an d'Léierpersonal an de Schoulen, Maison Relais a Crèchen duerchgefouert, fir si iwwert d'Risiko vum Gebrauch vu Plattformen an Uwendungen, wéi Whatsapp, Facebook oder Google, opzeklären?
4. D'Ministeren hunn an der Äntwert jo geschriwwen, datt si d'Verwonne vu Messenger-Déngschter, wéi Whatsapp, net recommandéieren. Ass virgesinn, wéi et a verschiddene Bundeslänner an Däitschland de Fall ass, d'Benotze vu kommerzielle Plattformen an Uwendungen a Schoulen ze reglementéieren oder souguer ze verbidden?
5. Am Rapport vun Amnesty International ass des Weideren ze liesen
"Les gouvernements ont l'obligation de protéger les personnes contre les atteintes aux droits humains commises par les sociétés."
Deelt d'Regierung dës Aschätzung aus dem Rapport a falls jo, wat fir eng Mesurë goufen a ginn ënnerholl fir d'Bierger virun der Datesammlung vu grouse Firmen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

